DAGESAUSFLUCH:
KULTUR- A LEGENDESCHÄTZ
VUN ESCH-SAUER AN ËMGÉIGEND

Am Kader vun de Luxembourg Museum Days an de Festivitéite vun Esch23, invitéiert den Naturpark Öewersauer op de Legendentour zum Thema „Kultur- a Legendeschätz vun Esch-Sauer an Ëmgéigend“ duerch d’Gemeng Esch-Sauer.

Datum: Samschdes, 20. Mee 2023
Umeldung beim Naturpark Öewersauer obligatoresch bis Sonndes, 30 Abrëll 2023
Präis: 30€ (Kanner vu 6 bis 14 Joer: 15€)
Mëttesiessen: 3-Gängemenü mat vegetarescher Alternative

Programm:

9h00 Treffpunkt Esch-Sauer, Place des Jardins.

Vun hei aus geet et mam Bus op Eschduerf an d’Bibliothéik, wou bei enger Taass Kaffi a puer Mëtschen eng Virliesung zum Thema lokal a regional Legende stattfënnt.

Uschléissend geet et weider an den Heischtergronn, wou d’Marianne, eise Guide, zuelräich Geschichten aus dem Gronn ze erziele weess.

Fir d’Mëttespaus bréngt de Bus eis an d’Fuussekaul wou ee gudde Lëtzebuerger Kascht op eis waart.

Den Nomëtten ass de Wiewer vun Esch-Sauer gewidmet.
Als éischt kréie mir Esch-Sauer a seng Geschicht gewisen an dono geet den Ausfluch mat enger besonnescher Visitt vun der Duchfabrik op en Enn.

Schluss ass um 18h00.

NATURPARK ÖEWERSAUER

ESCH SÛR SÛRE SÄIT 927

Bibliothéik Eschdorf

ICOM Luxembourg

15, rue de Lultzhausen
L-9650 Esch-sur-Sûre
T. (+352) 89 93 31 1
info@naturpark-sure.lu

WWW.NATURPARK-SURE.LU